

 <p><b>Fédération Luxembourgeoise de Marche Populaire</b> asbl</p> <p>N° registre de commerce : F1749</p> <p>Membre du Comité Olympique et Sportif Luxembourgeois (COSL)  Membre de la Fédération Internationale des Sports Populaires (IVV)  Membre de la Fédération Européenne des Sports Populaires (IVV-Europe)  Membre de la Fédération Européenne de la Randonnée Pédestre (ERA - EWV - FERP)</p> <p>B.P. 56 · L-9201 Diekirch · Internet: <a href="http://www.flmp.lu">www.flmp.lu</a> · e-Mail: <a href="mailto:flmp@pt.lu">flmp@pt.lu</a> · GSM: 691 302 687  compte bancaire N°: CCPLLULL LU90 1111 0469 4089 0000</p>		 <p>Eis Veräiner R liewen</p> <p>Lëtzebuurger Wandersportfederatioun</p>
---	--	---

Réf.: FLMP-2022-030

## Newsletter 1/2022

### Covid

Seit dem 11. Mäerz 2022 sinn zu Lëtzebuerg déi meeschten Hygienemoosnamen am Zesummenhang mat Covid-19 opgehuewen. Deemno besti keng besonnesch Moosname méi fir de Sport, den Horeca, den Handel, asw.

### Organisatioun vun de Wanderungen

Nodeems, wéi gesot, zu Lëtzebuerg déi meeschten Hygienemoosnamen opgehuewe sinn, soll all Veräin och elo probéieren, seng Wanderung erëm esou normal wéi méiglech ze organiséieren.

Et sief nach eng Kéier ganz besonnesch drop higewisen, datt op all Wanderung **minimum eng Kontroll muss ugebueden** gi mat der normaler Verfleegung, wéi Waasser an Téi, dëst op der klenger Streck. Idealerweise kënnen natierlech och erëm all Kontrollen als „Presenzkontroll“ offréiert ginn.

De Startkaarteverkaf geet spéitstens ab 08.00 un, Veräiner, dierfen hire Startbüro awer och schonns méi fréi opmaachen.

Verschiede Gemenge verbidden eventuell Déieren am Sall. An dësem Fall wär et gutt, dëst schonns op dem Flyer ze vermierken, fir datt besonnesch d'Hondsbesëtzer am Virus informéiert sinn.

Denkt och drun, wéi schonns am Oktober 2021 matgedeelt, datt op de Flyer dëst Joer nei Logo musse kommen. All dës Logoe kënt dir op eisem Internetsite: [www.flmp.lu](http://www.flmp.lu) eroflueden.

 <p>walk4trees</p> <p>Zesummen all IVV-Wanderung e Baam planzen</p>		 <p>Eis Veräiner R liewen</p> <p>Lëtzebuurger Wandersportfederatioun</p>
--	---	--

### **Wandere fir de Fridden**

E Freideg, 8. Abrëll organiséiert d'FLMP eng begleet Wanderung fir de Fridden. Mir weisen domadder eis Solidaritéit mat der Ukrain.

De Start ass um 18.00 Auer um Glacis, wou mir 5 Kilometer zesummen trëppelen. Et ass dëst keng Demonstratioun, resp. Manifestatioun, mee just eng solidaresch Aktioun, wou mir dat integraalt Startgeld mat eventuellen Donen un d'UNICEF – Hëllef fir d'Kanner aus der Ukrain spende wäerten.

Mir freeën eis iwwert jiddereen, de mat mécht. Informéiert är Membere w.e.gl.

### **Urban Trail**

Den 23. Abrëll gëtt an der Stad den Urban-Trail 2022 ugebueden, um Samschdeg nëmme fir Wanderer an Nordic-Walker.

D'FLMP ass als Partner mat derbäi, esou datt fir dës speziell Organisatioun och en IVV-Stempel verdeelt gëtt.

Aschreiwe kënnst dir iwwert den Internetsite [www.urbantrail.lu](http://www.urbantrail.lu)

Ugebuede gi Strecke vu 6 – 13 an 18 km. Startzäiten si vun 10.00 – 14.00 Auer. E Start virun der Zäit ass hei net méiglech.

### **Amicale vun der POST**

Mir erënneren nach eng Kéier drun, datt vun dësem Joer un d'Membere vun der Amicale vun der POST hiert d'Startgeld musse bezuelen. Dëse Veräin GDL-144 gëtt elo esou behandelt, wéi all anere Veräin och.

Denkt drun, är Leit am Startbüro ze informéieren.

### **Walk 4 Trees**

Dëst Joer wëlle mer, wéi ugekënnegt, fir all IVV-Wanderung ee Bam planze loosse am Kader vun eiser Aktioun „walk 4 trees“.

All Veräin kann op senger Ofrechnung vum Material ukräizen, op si fräiwëlleg bereet sinn, sech mat engem Don fir ee Bam ze bedeelege mat engem Montant vu 0.-, 25.- oder 50.- € oder och méi.

E grouse Merci elo schonns un déi Veräiner, déi sech schonns un dëser Aktioun bedeelegt hunn.